Cette politique, bien entendu, a un coût. La Chambre, en votant les crédits nécessaires à l'exécution de la politique sociale dans notre pays d'une part, et au financement de la politique de coopération au développement d'autre part, prouve ce faisant qu'il est tout à fait possible de lutter contre la pauvreté et dans les pays en développement et dans notre propre pays. C'est l'un et l'autre, et non pas l'un ou l'autre, et ce dans l'intérêt bien compris de tous.

Petit à petit, l'idée selon laquelle la santé individuelle est très largement conditionnée par la santé collective fait son chemin. L'engagement en faveur des populations des pays en développement contribue à influer de façon positive sur cette santé collective.

Notre politique de coopération au développement s'ajoute à l'ensemble des stratégies d'ouverture que notre pays a mises en œuvre au cours de son histoire. Elle s'inscrit de par son caractère d'ouverture dans la longue série de coopérations initiées par notre pays au cours de son histoire et que sont l'Union douanière, l'UEBL, la CECA, le Marché commun, l'Acte unique, le Traité sur l'Union européenne, entre autres. Chaque étape d'ouverture nous a permis de faire des avancées considérables.

Quant à la coopération au développement, j'en suis sûr, il en sera de même, à condition de ne pas vouloir tabler sur des résultats immédiats ou trop rapides. Aussi ces résultats ne sont-ils pas toujours perceptibles à première vue.

Il est tout de même permis de se demander si la logique multilatérale prenant davantage en considération les besoins légitimes des pays pauvres n'est pas d'une très grande valeur. Une dignité individuelle ou collective retrouvée en Afrique, une lueur d'espoir, un traitement médical administré à une mère malade du SIDA, la prévention de la transmission du SIDA à son nouveau-né, l'alphabétisation d'une femme malienne dans la zone périurbaine de Bamako, sa faculté ainsi développée d'apprendre à son tour à d'autres à lire et à écrire, le lépreux complètement guéri, la possibilité donnée à un Burkinabé d'avoir accès au micro-crédit, un massacre prévenu, une guerre évitée, une paix retrouvée, une reconstruction engagée, une dynamique lancée, le recul de la corruption amorcé, une meilleure gouvernance escomptée, une coopération régionale devenant une perspective réelle et débouchant sur une mondialisation plus inclusive et plus respectueuse des attentes et des droits de nos partenaires du Sud, tout cela serait-il sans valeur?

Il y a des échecs à déplorer, hélas. Il y a aussi des résultats parfois trop modestes. Mais à la longue, nous gagnerons réellement en sécurité, en justice et en enrichissement culturel et moral, bref en termes humains, ce que nous investissons aujourd'hui en termes budgétaires.

Je vous remercie de votre attention.

M. le Président.- Ech ginn Akt vun der Deklaratioun vum Här Minister Charel Goerens.

Als nächste Punkt vun eiser Dagesuerdnung hu mer d'Presentatioun vun der Proposition de loi 4823 vum Här Robert Garcia iwwert d'Gestioun vun den Offäll.

Esou wéi am Artikel 59 vum Chamberreglement festgehalen, stinn dem Auteur vun der Proposition de loi an deene fënnef Fraktioune jeeweils 10 Minutte Riedezäit zur Verfügung.

Et si bis elo ageschriwwen: déi Häre Sunnen, Bodry, Graas, Jaerling a Bisdorff.

D'Wuert huet den Auteur vun der Proposition de loi, den honorabelen Här Garcia.

3. Proposition de loi 4823 de M. Robert Garcia visant à modifier la loi du 17 juin 1994 relative à la prévention et à la gestion des déchets

Présentation

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG), auteur.-* Merci, Här President, dass ech kann déi Virstellung hei maachen.

Déi Proposition de loi hunn ech déposéiert den 11. Juli vun dësem Joer, an zwar ulässlech vun den Debatte vum Projet de loi iwwert d'Kreatioun vun der Sociétéit, déi d'Friches industrielles vun der ARBED soll géréieren.

Et ass esou, dass mer deemools relativ spéit vum zoustännege Minister Wolter déi Klauselen divulgéiert kruten, ënner wéi enge Konditiounen den Assainissement, respektiv d'Rehabilitatioun vun deenen Terrainen, déi an de Besëtz vun där neier Société de Développement AGORA géifen iwwergoen, géif vir sech goen.

Am Dokument stong nämlech, dass déi Sociétéit AGORA géif fir den Assainissement opkommen, ausser wann déi imprevisibel Käschte vun deem Assainissement zevill héich wären. Da géifen déi Terrainen zu engem fixéierte Präis erëm un den ursprüngleche Propriétaire an Exploitant zréckgoen, deen déi da misst assainéieren.

Dat huet sech op den éischte Bléck ganz interessant ugesinn a mir hunn eis d'Fro gestallt, wann op ARBED-Belval tëschent der geplangter Rockhal an tëschent dem Kinoskomplex op eemol eng Plaz wier, déi schrecklech contaminéiert wier, dass se net méi kënnt vun där Société AGORA selwer assainéiert ginn, dann op eemol géif e Lach bleiwe mat engem Zonk ronderëm an dat wier wahrscheinlech fir den Developpement vun deem Site net schrecklech gutt. Et ass zwar du gesot ginn, dat wier kee Problem, well an deem konzernéierte Gesetz iwwert d'Décheten an och iwwert de Kommodo kënnt een dat assuréieren.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Mir hunn eis dat awer e bësse méi genau ugekuckt. Ech wëll elo net an d'Detailer goen, well dat steet alles an deem relativ technesche Gesetzestext. Mir hu festgestallt, dass eigentlech de Stat keng Handhab huet fir den Assainissement virzeschreiwen, ausser et fillt sech en Noper vun deem Terrain doranner gestéiert. Dat ass hei net de Fall, well den Noper vun deem Terrain ass d'ARBED selwer, bezéiungsweis d'Nofolgegesellschaft an dofir kënnt et sinn, dass, wann d'Pollutioun esou héich ass, dass et net zu engem Assainissement kënnt, erëm eng Kéier d'öffentlech Hand, wéi schonn an anere Fäll, dat muss bewerkstellegen.

Dofir hu mer a relativ kuerzer Zäit gekuckt, fir méi eng kloer gesetzlech Regelung do virzegesinn an zwar hu mer d'Gesetz vum 17. Juni 1994 iwwert d'Prévention an d'Gestion des déchets geholl an hu bei déi onkloer Stipulatiounen e Paragraph bäigesat, dee seet, dass innerhalb vun zwee Joer de Propriétaire vun engem Site contaminé muss fir den Assainissement, bezéiungsweis d'Rehabilitatioun suergen.

Mir haten och gesot, wann d'Regierung déi Propositioun géif unhuelen, da kënnte mer fir dat Gesetz stëmmen, mä dat war awer net de Fall.

Déi Proposition de loi ass dunn hire législative Wee gaangen an zu eiser ganz agréabler Iwwerraschung hu mer misse feststellen, dass mer op dee relativ kuerzen Text vun där Proposition de loi eng ielelaang Äntwert krute vun der Regierung, wat jo net ëmmer de Fall war, well do krute mer op en ielelaangen Text vun enger Proposition de loi no 363 Deeg eng Äntwert vun zwee lapidare Sätz.

Dofir, wann een dat eent kritiséiert, muss een natierlech dat anert luewen, huelen ech dann d'Geleeënheet wouer fir den Ëmweltministère - ech weess net wien dofir responsabel ass, de Minister oder de Statssekretär -, ze félicitéieren, dass en esou séier an detailléiert op déi Proposition de loi reagéiert huet.

Déi Argumenter, déi am Avis vun der Regierung avancéiert gi sinn, sinn och esou pertinent, dass et vu mir impertinent wier fir déi ze ignoréieren, an och eng ganz Rei vun interessanten Iwwerleeungen, déi och däitlech maachen, dass esouguer déi Proposition de loi hei net alleguer d'Problemer relativ zum Assainissement oder zur Rehabilitatioun vum Site géing léisen.

Allerdéngs gëtt et zwee Punkten, déi ech nach wollt beliichten, déi och am Avis vun der Regierung net ganz kloer sinn.

Den éischte Punkt ass deen, dass ee muss den Ënnerscheed maachen tëschent dem Propriétaire vun engem Site an dem Exploitant vun deem Site. Wann een nämlech d'Kommodo-Inkommodo-Gesetz kuckt, da gëtt do ëmmer d'Responsabilitéit vum Exploitant berücksichtegt. Dat ass an deem Fall vun der ARBED natierlech kloer, well de Propriétaire ass do gläichzäiteg den Exploitant.

Et gëtt awer aner Fäll, wou et ka virkommen, dass den Exploitant op engem Site ass, deen engem anere Propriétaire gehéiert. Wann den Exploitant dann ophält an e verschwënnt an der Landschaft, wéi zum Beispill zu Diddeleng déi berühmten Affilux, da kann ee jo iwwerhaapt kee méi usichen, well de Propriétaire selwer kann een net duerch de Kommodo belaangen, well et jo nëmmen den Exploitant gëtt.

Dat ass natierlech e Vide juridique, deen dozou féiert, dass et kënnt sinn, dass et länger Zäit dauert bis déi juristesch Situatioun gekläert ass an ee kann dozou kréien en Assainissement ze maachen an, le cas échéant, dass dann d'Öffentlechkeet fir déi Käschte muss opkommen.

Ech rappeléieren, dass et heiansdo Sites industriels gëtt, déi während Jorzéngte brooch louchen, ier dass eppes passéiert ass.

Dat féiert mech zu deem zweeten Argument, dat och d'Regierung mat Recht avancéiert. D'Regierung seet: Dir schlot hei vir, dass innerhalb vun zwee Joer de Site misst assainéiert oder rehabilitéiert sinn. Elo ass et awer esou, dass et ganz vill Modalitéite vun Assainissement a Rehabilitatioun gëtt. Et kann och emol geschéien, dass een net muss alles ewechmaache wéi dat jo am Ruhrgebitt geschitt ass, dass een nëmmen eng Iwwerdeckung mécht oder eng Ofsécherung, an dat weess een an deem Moment, wou de Site fräi gëtt, nach net, well innerhalb vun zwee Joer nach net sécher ass wéi en Deel vum Site muss am Detail assainéiert ginn a wéi een net.

Dat ass en Argument, deem ech mech net ka verschléissen. Anerersäits kann een dat Argument awer och ëmdréinen, well wann et laang dauert bis eng Affektatioun kënnt...

Här President, et ass zwar wierklech iergerlech hei mat deene Bistrosgespréicher op menger lénker Säit, déi an enger relativ komplexer Matière stattfannen.

M. le Président.- Ech huelen déi Saach an d'Hand.

(Interruptions diverses)

Dir Hären do op de Bänken, ech géif lech bieden e bësse roueg ze sinn an den Här Garcia schwätzen ze loossen.

Une voix.- Dir hutt ugefaange mat deenen domme Remarken, Här Garcia!

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG), auteur.-* Här President, ech wiere mech géint direkt Frechheeten hei.

M. le Président.- Ech sinn op Ärer Säit, Här Garcia.

M. Jeannot Krecké *(LSAP).-* Dat ännert awer net vill!

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG), auteur.-* Ech kommen dann zréck zu der komplexer Thematik, déi verschidde Kolleege wahrscheinlech zevill héich ass an huelen zum Beispill de Fall vun der Friche industrielle vun Terres

Rouges. Dat ass eng Friche, déi Enn de 70er Jore fräi ginn ass, déi iwwer 20 Joer do läit, an dee Moment, wou dee Site da fräi gëtt, an et ass nach net kloer innerhalb vu wéi engen Délaien en Assainissement ka passéieren, da kann et jo sinn, dass op eemol no 20 Joer feststeet, deen doten Deel muss op déi Aart a Weis assainéiert ginn an deen op déi aner. Dann ass den Exploitant entweder net méi existent oder en ass iergendwou am Ausland verschwonnen an da bleift herno natierlech alles un de Pouvoirs publics hänken.

Wéi gesot, et ass eng Problematik, déi zweeschneideg ass. Engersäits muss een dofir suergen, dass esou séier wéi méiglech gekläert gëtt no der Cessatioun vun den Aktivitéite wie responsabel ass fir den Assainissement an d'Rehabilitatioun vum Site, anerersäits däerf een awer och net zevill schnell schéissen, well een dann eventuell Virschrëfte mécht fir en Assainissement, déi herno net mussen agehale ginn.

Dofir hunn ech mat Freed gelies am Avis vun der Regierung, dass gefuerdert gëtt: "La question sur les sites contaminés devrait faire l'objet d'une législation spécifique".

Ech hu mer zwar soe gelooss vum Här Statssekretär, dass d'Regierung keng Législation spécifique iwwer Sites contaminés industriels wëllt maachen, mä innerhalb vun enger Gesetzgebung iwwer Buedemschutz an och am Kommodo wëllt déi Gesetzgebung virgesinn.

Dofir hunn ech déi Propositioune vun der Regierung an enger Motioun opgegraff a well se jo vun der Regierung kommen, hoffen ech, dass se op e fruchtbaren, net contaminéierten Terrain falen. Déi Motioun invitéiert d'Regierung an engem "délai utile et raisonnable" e Projet ze ënnerbreeden. Ech wollt déi Motioun hei déposéieren, quitte dass ech mat gewëssenen Awänn vum Här Statssekretär, wann en déiselwecht kompetent an energesch exposéiert wéi virdru bei mir selwer, kann d'accord domat sinn déi Motioun an Deeler ëmzeleeën.

Motion 1

La Chambre des Députés

- considérant la proposition de loi 4823 visant à modifier la loi du 17 juin 1994 relative à la prévention et à la gestion des déchets, ceci en vue de régler la responsabilité dans le contexte de la réhabilitation de sites industriels contaminés;

- constatant que ni la loi précitée, ni la modification proposée, ni la loi du 10 juin 1999 relative aux établissements classés ne résolvent d'une façon satisfaisante les cas de figure complexes d'un assainissement d'anciens sites industriels contaminés;

- saluant la déclaration du Gouvernement sur la nécessité que "la question sur les sites contaminés devrait faire l'objet d'une législation spécifique";

invite le Gouvernement

- à faire élaborer dans des délais utiles et raisonnables un projet de loi sur l'assainissement des anciens sites industriels contaminés, réglant notamment:

- la gestion, le suivi et les modalités du cadastre des anciennes décharges et des sites contaminés;

- une réorganisation des modalités de financement des travaux de décontamination en cas d'insolvabilité ou d'inexistence du responsable de la pollution;

- les responsabilités en matière d'assainissement dans les différentes situations de propriété.

(s.) Robert Garcia, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.

Ech soen lech merci fir Är bal ongedeelten Opmierksamkeet.

M. le Président.- Den nächsten Orateur ass den Här Fred Sunnen.

Discussion

M. Fred Sunnen *(CSV).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech denken, dass den Här Krecké elo fäerdeg ass mat senge Bemierkungen.

De Kolleeg Robert Garcia huet eng Proposition de loi virgeluegt, déi am Fong eng gutt Saach ass an et freet mech ëmmer als Member vum Conseil de Gérance vun der AGORA, datt en Deputéierte sech an deen ambitiéise Projet vun den Industriebroochen eraknéit, obwuel dem Här Garcia seng Propositioun sech éischter als Äntwert op d'Fro vun der Responsabilité environnementale bezitt.

Ausgoend vun der Situatioun vun de Frichen am Süde vun eisem Land versteet sech d'Proposition de loi als eng Verbesserung vum Kapitel 2 aus deem am Titel zitéierte Gesetz vun 1994. Et steet an den Texter iwwer Belval, dass déi contaminéiert Terrainen, wou d'ARBED net à même ass fir Assainissementsprozeduren anzeleeden, well d'Käschten ze héich sinn, dat heescht, datt se iwwert deem an der Etüd AGIPLAN definéierte Käschtepunkt erausginn. Wann d'AGORA net bereet ass dëse Montant ze iwwerhuelen, ass et richteg, dass deen Terrain zu engem Präis vun 75.000 Frang/a zréck un d'ARBED geet.

Um Niveau vun der Responsabilitéit besteet e Vide juridique, well nom Exposé des motifs weder eng Obligatioun nach en Délai existéiert, deen de Pollueur initial unhält e contaminéierten Terrain ze rehabilitéieren an erëm fir aner Zwecker a Stand ze setzen.

De Paragraph 1 am Artikel 16 vum 94er Gesetz obligéiert d'Gemengen an engem Zäitraum vu fënnef Joer e Kadaster opzestellen, mat engersäits deene Siten, wou d'Aktivitéit nach leeft an op där anerer Säit deene Siten, déi net méi exploitéiert ginn, mä wou awer Contaminatioune festgestallt gi sinn. Dëse Kadaster soll

déi néideg Donnéeë festhalen, déi iwwert d'Vergëftung vum Site Opschloss solle ginn.

Am Paragraph 2 steet folgendes: "L'assainissement et la réhabilitation des sites ainsi inventoriés seront assurés dans le cadre d'un plan pluriannuel tenant compte des situations urgentes et des règles du droit commun de la responsabilité civile".

D'ARBED ass deemno nëmmen ugehalen en Assainissement ze maachen, wann d'Responsabilité civile kann nogewise ginn. De Stat an d'Gemenge mussen dëser Flicht nëmmen nokommen, wa sech kee Verantwortleche fënnt oder wann déi Verantwortlech net solvabel sinn.

D'Proposition de loi 4823 gesäit vir den Artikel 16 vum 94er Gesetz dohigehend ze änneren, andeems se de Propriétaire vun engem contaminéierte Site obligéiert, no der Schléissung vun enger Exploitatioun, d'Décontaminatiounsaarbechten innerhalb vun zwee Joer ofzeschléissen.

Här President, den Avis vum Ëmweltministère zu der virgeluegter Propositioun schéngt mer dach awer relativ kloer an aliichtend. Ech wëll mech dofir a menger Stellungnahm nëmmen op e puer Punkte beschränken.

Kappzerbrieches mécht dem Ëmweltministère virun allem den Zäitraum vun zwee Joer, an e gëtt ze bedenken, dass d'Etüden, eleng fir de Grad an den Ausmooss vun der Pollutioun kënne festzestellen, net nëmme Méint, mä Joren an Usproch kënnen huelen. Och mussen d'Décontaminatiounsprozeduren der zukünfteger Exploitatioun vun engem Site Rechnung droen. Dem Ministère schéngt d'Disposition transitoire keng Satisfaktioun ze ginn, well se keng Limite an der Zäit huet. Et gëllt déi Entreprisen, déi säit 50 oder 100 Joer net méi exploitéieren, auszemaachen, well déi entspriechend Sitë mussen analyséiert an d'Décontaminatiounsaarbechten an d'Wee geleet ginn. Innerhalb vun zwee Joer kënnt dat enger Sisyphusaarbecht gläich, virun allem fir d'Responsabilitéit iwwert déi eenzel Sitë festzestellen. Et ass schwéier anzeschätze wat op déi öffentlech Hand, dat heescht op d'Gemengen an de Stat, duerkënnt, am Fall wou d'Exploitanten net méi existéieren.

Déi Législatioun, déi a Kraaft ass, dat heescht d'Gesetz vum 17. Juni 1994 iwwert d'Préventioun an d'Gestioun vun Décheten an d'Gesetz iwwert d'Etablissements classés vum 10. Juni 1999 sinn en zolidden a flexible Kader fir dës komplizéiert Matière.

Wat elo speziell d'Situatioun vun den Industriebroochen ugeet huet den Innenminister, den Här Wolter, sech an engem Zeitungsartikel am Lëtzebuerger Land zouversichtlech gewisen, datt d'ARBED hiren Obligatiounen nokënnt, esou wéi et an den Dispositioune vum Mee 2000 festgehalen ass.

Den Ëmweltministère mécht a senger Stellungnahm drop opmierksam, datt nom Artikel 13 vum Kommodosgesetz all Cessation d'activité muss deklaréiert ginn, wouropshin d'Konditioune fir d'Décontaminatioun, fir den Ofrëss vun de Gebailechkeeten, fir den Assainissement vum Sous-sol a fir d'Erëmastandsetzung vum Site festgesat ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, den Ëmweltministère gesteet awer an, datt et um Niveau vun der Responsabilité environnementale, speziell wat contaminéiert Siten ugeet, nach Handlungsbedarf gëtt a werft a senger Analys e puer Froen iwwert de Finanzement vun Assainissementsaarbechten an iwwert de Suivi vun alen Déchargen a contaminéierte Siten op, déi an engem spezifesche Gesetz missten enthale sinn.

De Statsrot weist mat Recht drop hin, datt et verschidden Degréë vu Contaminatioun gëtt, jee nodeem firwat déi betreffend Fläche gebraucht gi sinn. D'Moyene fir ze sanéiere missten also och der Natur an der Envergure vun der Verseuchung ugepasst ginn, a just hei gesäit de Statsrot Problemer bei der Proposition de loi vum Här Garcia. Eng Approche, déi net differenzéiert an zevill rigid wier, géif méi Problemer stelle wéi se der léise kënnt. Datselwecht mengt en och fir den Délai vun zwee Joer. Dësen Zäitraum wier net realistesch, wäitgehend ongenügend, souguer da wann d'Sitë bekannt sinn an en Inventaire vun den Déchete besteet.

An de Statsrot mengt weider, dass den Artikel 13 vum Gesetz vum 10. Juni 1999 et erlaabt déi noutwendeg Délaien ze fixéieren an esou besser der Sanéierung vun den Déchete bäizekommen. Als Konklusioun gesäit de Statsrot keng Utilitéit a keng Opportunitéit fir d'Gesetz vun 1999 ëmzeänneren. E recommandéiert awer, dass een dëser Proposition de loi Rechnung droe soll am Kader vun deem Projet de loi, deen d'Gesetz iwwert d'Etablissements classés soll modifizéieren.

Virun allem awer mussen d'Beméiungen op europäeschem Plang weidergefouert ginn. De Livre vert sur la responsabilité environnementale, virgeluegt vun der europäescher Kommissioun am Februar 2000, analyséiert verschidde Weeër, wéi d'EU-Memberstaten eng eenheetlech Législatioun aféiere kënnen, déi de Prinzip vum Pollueur-payeur kloer verankert, de fundamentalen Ëmweltschutzprinzipië Rechnung dréit an déi gemeinschaftlech Ëmweltgesetzgebung an dësem Politikfeld harmoniséiert. D'Responsabiliséierung vun den Entreprisë soll och e preventive Charakter hunn, andeems Firmen incitéiert ginn hir Aktivitéiten enger verantwortungsbewosster Planifikatioun ze ënnerzéien.

Aner international Institutioune schaffen un Ofkommen zu der betreffender Matière. Den Ëmweltministère mécht drop opmierksam, datt Lëtzebuerg d'Europarotskonventioun vu Lugano vun 1993 an de Protocole vu Basel vum Dezember 1999 wuel ënnerschriwwen, awer nach net ratifizéiert huet.

Iwwert d'Halschent vun de Memberstaten hu sech fir eng gemeinsam europäesch Gesetzgebung ausgeschwat. Aner State waarde weider Schrëtt vun der Kommissioun of, ier se op nationalem Plang nei légiféréieren. Ech brengen d'Hoffnung zum Ausdrock, datt et zu enger Léisung a Form vun enger europäescher Direktiv kënnt.

Compte tenu vun all dësen Iwwerleeungen dréit meng Fraktioun d'Proposition de loi vum Här Garcia net, hofft awer an dësem Zesummenhank, datt d'europäesch Kommissioun geschwënn eng Kaderdirektiv zu der Problematik duerleet.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Den nächsten Orateur ass den Här Alex Bodry.

M. Alex Bodry *(LSAP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, op den éischte Bléck hi kënnt engem déi heite Proposition de loi vum Här Garcia sympathesch vir. Et ass effektiv, mengen ech, eng Suerg, déi een als Ëmweltpolitiker muss deelen, fir dass an engem raisonablen Délai contaminéiert Siten erëm propper gemaach ginn an dass u sech deejenigen, dee responsabel ass fir déi Verknaschtung, och muss d'Fräen droen. Dat ass d'Uwendung vum Verursaacherprinzip, sou wéi en am europäeschen an am nationale Recht verankert ass.

Déi heite Proposition de loi ass d'Reaktioun op e konkrete Fall, op den Dossier vun de fréieren ARBEDs-Frichen am Süde vum Land. Et ass vläicht net ëmmer gutt fir gesetzlech ze reagéieren op e spezifische Fall. Et muss een also kucken, wat den Impakt vun esou enger Moossnam insgesamt ass an ob net dat gesetzlecht Instrumentarium, wat mer zur Verfügung hunn, net eigentlech duergeet, fir datselwecht ze erreechen, wat d'Zilsetzung vun där heiter Proposition de loi ass.

A menger Ansicht no, wann ech d'Texter kucken, wann ech d'Offallgesetz vu '94 kucken a wann ech dat combinéiere mam Kommodosgesetz vun 1999, da stellen ech dach awer fest, dass wann de politische Wëllen do ass duerchaus d'Regierung oder déi zoustänneg Ministeren d'Méiglechkeet hunn, fir duerch ministeriell Décisiounen datselwecht ze erreechen, wat eigentlech d'Zilsetzung vun där heiter Proposition de loi ass. Dat gëllt besonnesch fir den Artikel 13 vun eisem Kommodosgesetz vu '99, dat am Paragraph 7 seet: "Toute cessation d'activité doit être déclarée" - et ass also eng Obligatioun - "à l'autorité qui a délivré l'autorisation et qui fixera" - also och eng Obligatioun - "les conditions pour assurer la décontamination, la démolition des immeubles, l'assainissement du sous-sol et la remise en état du site". Enn vum Zitat.

Et ass also ganz kloer, dass an alle Fäll, wou et Schluss ass mat enger industrieller Aktivitéit, iergendenger Aktivitéit déi ënnert d'Gesetz vu '99 iwwert d'Etablissements classés fält, muss vum Exploitant eng Déclaratioun gemaach ginn bei déi zoustänneg Instanzen an déi Instanze musse grad esou d'Konditioune festleeë vun der Entsuergung a vun der Rëmhierstellung vum Site an den ursprünglichen Zoustand.

Et ass net d'Déchetsgesetz vu '94, mä eigentlech d'Kommodosgesetz vu '99, wat eng ganz kloer gesetzlech Basis, eng Obligatioun duerstellt a wat de Verursaacherprinzip hei eigentlech dra verankert. Et ass un den zoustännege Verwaltungen dofir ze suergen, dass dat do respektéiert gëtt.

Am spezielle Fall vun de Frichen, wou et sech ëm en immens groussen Dossier handelt, muss ee jo rëm an Erënnerung ruffen, dass bis an d'nonzeger Joren all d'ARBEDsinstallatiounen bal ouni Ausnahm hei zu Lëtzebuerg ouni eng Kommodosgenehmigung fonctionnéiert hunn. Et ass réischt an den nonzeger Joren, wou ënnert ganz vill Drock a mat ganz vill Méi vun den deemolege Responsablë probéiert, och duerchgesat ginn ass, dass fir sämtlech Siten no an no Kommodosgenehmigungen ausgestallt si ginn, dass grouss Etüde gemaach si ginn an dass doropshin dann och contraignant Emissiounsnorme festgehale ginn an deenen eenzelnen Autorisatiounen.

Wat den Assainissement ugeet, wou et drëm geet fir eigentlech eng Aktivitéit vun iwwer 100 Joer vun der ARBED réckwierkend praktesch an de Grëff ze kréien, do ass an deenen eenzelne Kommodosautorisatioune festgeluegt ginn, dass d'ARBED muss, an engem raisonablen Délai, Etüde virleeën, doropshi verwalten dann, wa se déi eenzel Virschléi vun Assainissementer och virleien huet, dem Minister eng Propos mécht an de Minister imposéiert dann der ARBED en Assainissementsmodell.

Dat ass eigentlech de Modus, wéi en sech aus der Gesetzgebung aus den Nonzeger Joren hei zu Lëtzebuerg ergëtt. Ech denken och - an ech hoffen -, dass dës Regierung d'selwecht wäert virgoen, wéi d'Virgänger et an deem dote Fall gemaach hunn, a wa sämtlech Etüde virleien - si missten allerdéngs elo soubal virleien -, dass dann u sech zwéngend, iwwert de Wee vum Kommodosgesetz, d'ARBED an d'Obligatioun gesat gëtt, fir hire Verflichtungen als fréieren Exploitant vun där Aktivitéit nozekommen an déi dote Siten erëm an den ursprünglechen Zoustand ze versetzen.

Dass d'ARBED, wéi anerer och, kënnen op staatlech Subsiden zréckgräifen, dat stéiert mech net. Wou ech nach wie vor Bedenken hunn - an do hu mech dem Här Sunnen seng Ausféierungen net berouegt -, dat ass, dass iwwer eng praktesch 50%eger Bedeelegung vum Stat eraus an deem heite Fall och nach aner Dispositiounen an deem Accord Stat-ARBED dra sinn, déi kënne gedeit ginn als eng Extrawurscht fir d'ARBED, als u sech eppes wat iwwert den Normalfall erausgeet.

Doduerch, dass net nëmmen obligatoresch de Stat praktesch verflicht ass, wann et eng gewëssen Deirecht

erreecht, fir mat 50% materanzeklammen, wat den Assainissement vun deenen Terrainen ugeet, mä doriwwer eraus well och eng Dispositioun dran ass, eng Open-end-Bestëmmung eigentlech an deem Accord dran ass wou een da seet: Wann et elo zevill deier gëtt, dat heescht déi verknaschtent Zonen an deem ganze Beräich, do brauch de Stat dann net anzegräifen, dat bleift dann um Bockel vum Verursaacher, vun der ARBED, mä et steet net dra bannent wat fir engem Délai d'ARBED dat da muss maachen. Do ass et also ganz wichteg, dass do déi Leit, déi d'Responsabilitéit am Ëmweltberäich hunn, dann dofir suergen, dass wann deen dote Fall sech presentéiert, dass da contraignant d'ARBED gesot kritt: Bannent deenen doten Délaië muss iwwert déi dote Verfahren deen Assainissement vun deenen Terrainen gemaach ginn.

Wann dat geschitt, ass fir mech den Dossier plus ou moins an der Rei. Wann dat allerdings net geschitt, da gëtt et dramatesch an dann hu mer hei wierklech en Accord vu Stat an ARBED, deen eigentlech net niewent de Gesetzer leeft, mä praktesch scho géint d'Gesetzer ausgeriicht ass.

Wann ech meng Ausféierungen zesummebrénge wëll, sou sinn ech der Meenung, dass dat hei eigentlech eng Proposition de loi ass, déi an der Absicht an déi richteg Richtung geet, si ass awer gréisstendeels iwwerflësseg, well eis Gesetzgebung vu '99 iwwert de Kommodo eis schonn déi doten Handhab gëtt. Wann de politische Wëllen do ass fir dat doten ëmzesetzen, näischt verhënnert haut den Ëmweltminister der ARBED ze soen: Wann ech gelift, bannent engem Joer hutt Dir déi dote Sitë rëm eng Kéier an d'Rei ze setzen. Et ass parfaitement méiglech mat där Législatioun, déi mer haut hunn.

Wat wichteg ass, do ënnerstëtzen ech d'Regierung an hirem Fueren, ech weess awer och wéi schwéier dass et ass, e contraignant Buedemschutzgesetz hei zu Lëtzebuerg auszeschaffen. Et ass net esou, dass net aner Leit sech scho virdru Gedanken driwwer gemaach hätten, mä d'Gefor ass, dass et eng relativ eidel Hüls bleift oder awer, wann et contraignant wierklech gëtt, dass et ganz vill Barrièrë wäerte ginn, déi dat Gesetz nach muss huelen.

Op jidde Fall, wann der deen dote Wee gitt, wäert der mech op Ärer Säit fannen fir dat do duerchzesetzen. Dat gëtt net einfach. Wann et méi gëtt wéi eng eidel Hüls, wëll ech soen, sinn ech mat bereet, fir dat do ze maachen, wéi et och gutt wär wann ee kënnt sou ee Fong schafen, fir den Assainissement vun deenen dote Siten, dee misst vun der Industrie, vun de Pollueuren gespeist ginn. Dee misst gespeist ginn vun deenen, déi eng Risikoaktivitéit ausüben an opgrond vum Risikofaktor missten déi am Fong dozou bäidroen, dass, wann Noutsituatioune kommen, deen Assainissement kann iwwert deen dote Wee matfinanzéiert ginn. Et war a menger Zäit net méiglech een Accord mat de Wirtschaftskreeser zu deenen do Punkten ze kréien, deen ass gescheitert no enger hallef Dosë Sitzungen, déi mer mat hinnen haten, do war et onméiglech fir eng Klassifikatioun vun den Entreprisë virzehuelen.

Ech wär frou, wann deen Dossier rëm eng Kéier géif frësch opgerullt ginn an dozou dann och zu sengem gudden Enn bruecht gëtt. Also vun eiser Säit aus näischt géint déi Absicht, déi hannert där Proposition de loi steet, mä u sech ass hir Utilitéit an der Praxis net schrecklech grouss, wann een dat notzt, wat haut an den Texter steet.

Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Nächsten Orateur ass den Här Graas.

M. Gusty Graas *(DP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass ëmmer luewenswäert, wann en Deputéierten sech Gedanke mécht, wéi een déi bestehend Gesetzgebung verbessere kann, respektiv wéi ee Problemer kann an Zukunft ëmgoen, andeems datt een eng nei legislativ Basis géing schafen.

Den Här Garcia huet ouni Zweifel mat senger Proposition de loi hei e wichtege Volet vun der Offallproblematik ugeschnidden, nämlech den Assainissement vu contaminéierten Terrainen. Hien huet jo als Ulass zu dëser Proposition de loi déi Ofmaachung tëschent der AGORA an der ARBED geholl, notamment déi Annexe, wou an dem Kapitel 11 Rieds geet, am Fall wou d'ARBED net kéint déi finanziell Moyenen opbréngen, fir den Terrain ze sanéieren, datt dann den Terrain erëm géing zréckfalen an hir Propriétéit zum Präis vu 75.000 Frang. Ech gi ganz gären zou, wéi ech dat déi éischt Kéier gelies hunn, datt dat mech natierlech och stutzeg gemaach huet an datt e sech dann do och seng Gedanken iwwert déi Procédure do gemaacht huet. Et muss een an deem Kontext och sech Froe stellen iwwert d'Responsabilitéit, wat den Assainissement vun engem contaminéierten Terrain ubelaangt.

An éischter Linn muss een natierlech dann awer eng Analys maachen: Wat fir eng legislativ Mëttelen hu mer de Moment, fir u sech en Exploitant, respektiv e Propriétaire derzou ze zwéngen, säi contaminéierten Terrain erëm ze sanéieren. Ech wëll net am Detail drop agoen, den Här Bodry huet dat zum Deel scho gemaach. Effektiv hu mer jo de Moment awer e puer Mëttelen, déi et eis awer géingen erlaben, och elo schonn déi néideg Moossnamen an d'Wee ze leeën. Ech denken zum Beispill un den Artikel 8, Punkt 3 vum aktuellen Offallgesetz, ech denken awer och un d'Kommodosgesetz. D'Naturschutzgesetz gëtt eis och eng Rei vu Méiglechkeeten.

D'Tatsaach ass effektiv, datt d'Gesetzeslag vläicht net ëmmer ganz kloer genuch ass, souwäit kann een u sech mat där Initiativ vum Här Garcia bis heihinner d'accord

sinn. Wann een natierlech awer elo mol déi Propose méi genee analyséiert, da fënnt een allerdéngs ganz séier eraus, datt do awer dach eng Rei vu Problemer sech stellen, déi jo och an den Avië souwuel vum Conseil d'Etat wéi och vum Ëmweltministère schonn opgelëscht goufen.

D'Kärstéck vun där Proposition de loi ass jo, datt e fixen Délai agesat gëtt, andeems soll e contaminéierten Terrain gebotzt ginn, an zwar zwee Joer. Natierlech muss een an deem Kontext awer mol d'Fro stellen: Wat ass iwwerhaapt e contaminéierten Terrain?

Ech géing soen dat ass déi kruzial Fro, ier een iwwerhaapt mol kann sech Gedanken iwwert déi Délaië vun zwee Joer maachen. Well et muss ee jo awer och ënnerscheeden: E contaminéierten Terrain ass net e contaminéierten Terrain. Dir hutt der déi schwaach contaminéiert sinn, Dir hutt der déi staark contaminéiert sinn, wou vläicht méi sophistiquéiert technesch Mëttele mussen agesat ginn, fir en erëm ze botzen. Dann ass et natierlech och d'Gréisst vum Terrain déi ausschlaggebend ass. En Terrain vu 50 Ar ass mat Sécherheet gréisstendeels méi liicht ze botze wéi ee vu 5-10 Hektar, sou datt et also schonn dach gewot ass, fir e pauschalen Délai festzesetzen andeems missten déi Aarbechten iwwert d'Bühn goen.

Da léisst deen Délai vun zwee Joer awer och nach eng Interpretatioun zou an deem Sënn, datt den Assainissement am Fong geholl réischt misst asetzen zwee Joer no der Cessatioun vun den Aktivitéiten. Dat ass theoretesch méiglech, wann een Är Proposition de loi jiddefalls mol esou liest.

Wat d'Dispositions transitoires ubelaangt, och do fënnt een awer eraus, datt e Manktum u Realitéitssënn awer vläicht dach deelweis festzestellen ass, well a ville Fäll ass den Auteur vun der Verschmotzung vun den Terrainen jo guer net bekannt. De Législateur seet jo dann, datt d'Gemengen, respektiv de Stat dofir mussen opkommen. Mir hunn - elo referéieren ech mech dann op d'Note vum Ëmweltministère - jo nach kee Kadaster iwwer sämtlech contaminéiert Terrainen hei zu Lëtzebuerg, dee soll jo bis d'Joer 2003 fäerdeg gestallt sinn. Dat heescht, réischt op Basis vun deem Kadaster kënne mer déi Aarbechten ufänken, sou datt ech also Schwieregkeete gesinn, fir dann ze imposéieren, datt bannent zwee Joer misst dee Moment alles sanéiert sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir de Problem vun de contaminéierten Terrainen ze léisen - an et ass e regelrechte Problem, dat si mer eis alleguer bewosst -, misst vläicht och an Zukunft nach méi eng preventiv Politik an d'Wee geluegt ginn, sou datt d'Gefor vun der Contaminatioun u sech géing méi geréng ginn.

Engersäits missten déi bestehend legislativ Texter och emol vläicht méi streng ugewannt ginn, well mir hu Mëttele genuch.

Une voix.- Ween ass dann dofir zoustänneg?

M. Gusty Graas *(DP).-* Et sinn eng Rei vu Leit dofir zoustänneg, mä et ass awer kloer, datt ee Méiglechkeeten huet. Ech denke rëm eng Kéier un d'Kommodosgesetz, d'Naturschutzgesetz.

Op där anerer Säit muss een sech awer Gedanke maachen: Wéi kënne mer déi Problematik u sech nach besser an engem Text verfaassen? Ech kommen och hei op d'Buedemschutzgesetz ze schwätzen, wat jo och an der Regierungserkläerung virgesinn ass. Dat Buedemschutzgesetz géing eis mat Sécherheet nach zousätzlech preventiv Méiglechkeete ginn, fir eben eng Contaminatioun vun engem Terrain ze verhënneren.

Mä iwwert deem steet natierlech de Contrôle. Et huet kee Wäert, datt mer eng gutt Législatioun erloossen, wa mer net op där anerer Säit awer och e gewëssenen, effikasse Contrôle géinge garantéieren. Duerfir soll ee sech kengen Illusiounen higinn. Wéi gesot, nach eng Kéier: Déi beschte Gesetzgebung notzt näischt, wa se net effizient iwwerwaacht gëtt.

An deem Kontext wëll ech och vläicht drop hiweisen, datt de Gemengen e gewëssene Rôle an där Problematik zoufält, an zwar muss een awer drop hiweisen, datt jo vill Gemengen nach al Déchargen hunn, déi zum Deel nach benotz ginn, zum Deel net méi benotzt ginn, datt op ville Gemengenterritoiren Industriezone sinn, wou jo och munchmol net ëmmer alles selon les règles de l'art fonctionnéiert. D'Fro, déi ze stellen ass, ob net déi Agents municipaux, wou mir jo wëssen, datt de Moment amgaang ass eng Législatioun geschafen ze ginn, fir deene méi ee klore Statut ze gi wat hir Missioune sinn, ob net déi och gegebenenfalls kéinten gewësse Missioune kréie wat de Contrôle vun Dépôten ubelaangt.

Ofschléissend wëll ech soen, Här Garcia: Dir sidd mer zwar als Mënsch ganz sympathesch, mä ech muss lech awer soen, datt déi Proposition de loi hei mer manner sympathesch ass a falls se sollt eng Kéier ënnert där doter Form hei am Plenum zur Ofstëmmung kommen, sinn ech jiddefalls berechtegt elo schonn am Numm vu menger Fraktioun ze soen, datt mer där dann net kënnten eis Zoustëmmung ginn.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Leschten Orateur ass den Här Jaerling.

M. Aly Jaerling *(ADR).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll mol hei virausschécken, dass ech ganz mam Här Garcia sengen Iwwerleeungen d'accord sinn, wat en a senger Proposition de loi do dra mécht, aus där einfacher Ursaach, well en elo vläicht nëmmen ee Punkt aus der Gesetzgebung erausgepickt huet, deen onkloer war, mä et schéngt mer awer ee wichtege Punkt. Einfach well mer deen Ausmooss vun deene contaminéierten Terrainen dee mer hunn, well do einfach keng Obligatioun a keng Verflichtung do ass, fir se an engem vernünftegen Délai ze sanéieren.

Egal wat elo meng Virriedner hei gesot hunn, fannen ech an där Gesetzgebung keng Obligatioun, fir dat an engem vernünftegen Délai ze sanéieren, och wann den Här Bodry hei versicht huet dat anescht duerzebréngen, mä an der Gesetzgebung fannen ech kee vernünftegen Délai, sou wéi ech och keen...

Une voix.- Hutt Der dann déi richteg Texter derzou gesinn?

M. Aly Jaerling *(ADR).-* Jo, ech hunn se gelies, souguer zwëschen den Zeilen.

(Interruptions)

Vu dass een Deel vun deenen Texter jo vun der ARBED mat ausgeschafft ginn ass, hunn ech souguer méi genau tëschent den Zeile gelies.

Deen anere Punkt ass dee vun der Cessation d'activité. Och dat ass vill ze vill vague, well wéini héiert eng Aktivitéit op an d'Fro stellt sech einfach: Huet dann d'ARBED bei all deenen Terrainen, déi se an d'AGORA eragëtt, dann do eng Déclaration de cessation d'activité gemaach? Esou wéi ech mech erënnere kann net.

Dat heescht: Wat ass eng Cessation d'activité? Zum Beispill bei der ARBED, déi sou vill Terrainen, sou vill Aktivitéiten nach lénks a riets rondrëm huet, wéini kann een do zu der ARBED soen: Dir hutt Är Aktivitéiten opgehalen, op deenen Terrainen geschitt näischt méi. Dat kann een ni soen an et kann ee sech och net forcéieren esou eng Cessation d'activité ze maachen, well se zu all Moment rëm kënnen, soulaang se am Besëtz vun deenen Terraine sinn, iergendeng Aktivitéit drop opliewe loossen.

An der Gesetzgebung sinn nach eng ganz Rei Onkloerheeten do wou net nëmmen deen ee Punkt, deen hei elo ervirgehuewe ginn ass, muss méi kloer gemaach ginn, mir hunn nach eng Rei aner Punkten. Esou wéi mer och mussen onbedéngt dofir suergen, dass mer endlech en Altlastenkadaster kréien, wou mer mol Kloerheet fannen, wat hei am Land dann awer wierklech contaminéiert ass an a wat fir engem Mooss. Ech sinn och e bësse skeptesch, wa mer eis do mussen op d'Etüde vun där Firma verloossen, déi selwer déi Terraine contaminéiert huet. Do sinn ech ëmmer e bësse skeptesch an et misste schonn Etüden an Analyse gemaach ginn, awer vun Institutiounen, wou ee sécher ass, dass se och onofhängeg an onbefaange kënnen agéieren.

Ech mengen, mir hunn och schonn an der Lescht oft Diskussioune gehat iwwert de Präis vun de Sanéierungen an all déi Saachen do gehéieren awer zu engem Ganzen, wou ee muss kucken, dass een dat awer op een normalen Nenner kritt.

Wéi gesot, ech si mat dem Här Garcia sengen Iwwerleeungen d'accord, well een einfach muss derfir suergen, dass déi Sanéierungen an engem vernünftegen Zäitpunkt gemaach ginn, dass et net kann esou sinn, dass de Verschmotzer selwer décidéiere kann, wéini dass hien dann elo déi Terraine sanéiert. Et sinn och eng Rei Mesurë virgeschloe ginn, wéi zum Beispill d'Verstoppen oder d'Versigele vun deenen Terrainen, och domadder kann een net d'accord sinn, well dat de Problem net léist.

Ech mengen, et sinn hei virdrun eng Rei Saache gesot ginn, déi richteg sinn, mä ofschléissend wëll ech awer nach soen: Wa mer et fäerdeg bréngen, déi Kommodo- an Inkommodogesetzgebung, déi mer hunn, wierklech ze applizéieren à la lettre, da brauche mer eis an Zukunft keng Suerge méi ze maachen iwwert d'Contaminéiere vun Terrainen, well da gëtt dat vu viraus ausgeschloss, an da kann och kee méi hei am Land Aktivitéite maachen, déi d'Ëmwelt verschmotzen.

Mir géifen op jidde Fall, wann dem Här Garcia seng Propositioun eng Kéier hei zur Ofstëmmung kënnt, déi Propositioun awer ënnerstëtzen.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling.

(Interruption)

Här Statssekretär?

M. Eugène Berger, *Secrétaire d'Etat à l'Environnement.-* Ech wollt nach zur Motioun Stellung huelen, déi hei déposéiert ginn ass. Wann dat méiglech ass?

M. le Président.- Jo, ech wollt den Här Garcia froen, ob en nach eng Kéier wéilt op d'Motioun zréckkommen a se nach weider explizéieren.

(Négation)

Da ginn ech deem Här Statssekretär d'Wuert.

M. Eugène Berger, *Secrétaire d'Etat à l'Environnement.-* Merci, Här President. Ech ginn net méi weider op d'Proposition de loi an. D'Regierung huet jo schréftlech Stellung geholl an ech mengen och déi verschidde Spriecher hunn dat och kommentéiert, wou een also net méi weider brauch drop anzegoen.

Ech wëll awer trotzdeem soen, datt déi Ofsicht vum Deputéierte Garcia sécher ganz löblech ass, mä, wéi scho virdru vun deem engen oder anere Riedner duergestallt, ass se net onbedéngt juristesch an och technesch néideg, respektiv duerchféierbar.

Ech wéilt da kuerz Stellung huelen zur Motioun vum Deputéierten, déi mer grosso modo och kënnen acceptéieren. Ech géif puer kleng Rectificatioune proposéieren an de Considéranten, am zweete Considérant steet do "d'une façon satisfaisante", ech géif do proposéieren "optimale", well et fënnt ee Solutiounen, mat deenen déi eng an déi aner Parteie schonn zefridde sinn, wat awer vläicht vum ëmweltschützleche Standpunkt net ëmmer optimal ass, datt een also do géif dat Wuert duerch "optimale" ersetzen.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Respektiv an deem Considérant drënner do einfach "sur la nécessité" ewech loossen, dat heescht an eisem Avis steet effektiv déi lddi "devrait faire l'objet d'une législation spécifique", also dat ass einfach eng lddi, déi do komm ass.

Dann hunn ech do, wou d'Regierung invitéiert gëtt, och zwou, dräi kleng Modificatiounen ze maachen. Ënner anerem gëtt do gesot am éischten Tiret, datt ee soll e spezifische Projet de loi doriwwer maachen. Wéi och scho virdrun erkläert ginn ass, ginn et schonn deelweis bestehend Base-légalen, d'Kommodosgesetz vun '99, d'Déchetsgesetz vun '93. Ech wëll och hei betounen, datt nach en zousätzlecht Gesetz wäert kommen, d'Buedemschutzgesetz, wou de Moment ganz intensiv dru geschafft gëtt, an ech denken drun, datt den Ëmweltminister dat am Laf vum nächste Joer och kann déposéieren. Datt mer also mindestens dräi Base-légalë wäerten hunn, datt een also do géif soen "à adapter dans des délais utiles et raisonnables les bases légales sur l'assainissement des anciens sites".

An dann och nach am leschten Tiret, dat ass déi Geschicht vun der Responsabilitéit, do musse mer wëssen, datt mer do an Zukunft wäerten eng europäesch Direktiv kréien an deem Beräich, datt mer dann, egal wéi mer dat elo apaken a wat fir enger Base légale, dat natierlech ëmmer conformément zu där Direktiv maachen, datt een also do géif hannendrun hänken "conformément aux futures dispositions réglementaires européennes en la matière", iergendwéi sou eppes an deem Genre. Ech mengen, da kéinte mer mat där Motioun d'accord sinn an da kéint d'Chamber e Vote doriwwer huelen.

Merci.

Motion 1 modifiée

La Chambre des Députés

- considérant la proposition de loi 4823 visant à modifier la loi du 17 juin 1994 relative à la prévention et à la gestion des déchets, ceci en vue de régler la responsabilité dans le contexte de la réhabilitation de sites industriels contaminés;

- constatant que ni la loi précitée, ni la modification proposée, ni la loi du 10 juin 1999 relative aux établissements classés ne résolvent d'une façon optimale les cas de figure complexes d'un assainissement d'anciens sites industriels contaminés;

- saluant la déclaration du Gouvernement que "la question sur les sites contaminés devrait faire l'objet d'une législation spécifique";

invite le Gouvernement

- à adapter dans des délais utiles et raisonnables les bases légales sur l'assainissement des anciens sites industriels contaminés, réglant notamment:

- la gestion, le suivi et les modalités du cadastre des anciennes décharges et des sites contaminés;

- une réorganisation des modalités de financement des travaux de décontamination en cas d'insolvabilité ou d'inexistence du responsable de la pollution;

- les responsabilités en matière d'assainissement dans les différentes situations de propriété conformément aux futures dispositions réglementaires européennes en la matière.

(s.) Robert Garcia, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss et Renée Wagener.

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, si mer d'accord déi Motioun unzehuelen? Wien d'accord ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht...

Une voix.- Dir musst den Här Garcia nach froen.

M. le Président.- Jo, mat deenen Aschränkungen.

Also ech hunn dem Här Garcia, mengen ech, ofgesinn, dass en d'accord wier.

(Hilarité)

Jo, mir hunn esou en Zeechen ënnerteneen, mir verstinn eis.

Vote

Mir stëmmen dann of.

Wien derfir ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech? Keen?

Ech stellen also fest: Déi Motioun ass eestëmmeg ugeholl.

Mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi 4829 iwwert d'Mindestakommes.

Et hu sech ageschriwwe bis elo: déi Hären Di Bartolomeo, Bettel, Jaerling, Gira a Bisdorff.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Paul-Henri Meyers.

4. Projet de loi 4829 modifiant l'article 2 de la loi du 29 avril 1999 portant création d'un droit à un revenu minimum garanti

Rapport de la Commission de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse

M. Paul-Henri Meyers *(CSV), rapporteur.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 4829 ass ee klengen, mä wichtege Projet.